# MENG IDDIE FIR MENG GEMENG VU MUER

## INVITATIOUN BIERGER-ATELIER

20/02
2018
KULTURZENTRUM
OP DER FABRIK
19H30 - 22H15

GEMENG PRÉIZERDAUL

Är Gemeng invitéiert Iech ALL, léif engagéiert Bierger aus dem Préizerdaul, op eisen éischte gemeinsame Bierger-Atelier an dëser neier Legislaturperiod, moderéiert a begleet vum Büro Leader Atert-Wark, vum Klimapakt vum Réidener Kanton an dem Energieatelier.

**De Bierger-Atelier ass déi Geleeënheet ZESUMMEN d'Prioritéiten an eiser Gemeng ze definéiere fir EIS Gemeng vu MUER.**
**Wat sinn är Iddien zu de Beräicher:**

- **Ländlech Entwécklung**
- **Mobilitéit**
- **Kommunal Planung & Infrastrukturen**
- **Energieversuergung**
- **Kommunikatioun**
- **Zesummeliewen an eiser Gemeng**
- **Erhale vun eisem natierlechen a kulturelle Patrimoine**

Um Owend vum Bierger-Atelier ginn all Är Iddie gesammelt, virgestallt an an eenzel Kategorien agedeelt.

Doraus entstinn autonom Aarbechtsgruppen, déi d'Themen an Zukunft wäerten am Detail ausschaffen, dëst mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng, dem Büro Leader Atert-Wark an dem Klimapakt.

Jiddereen ass häerzlech wëllkomm, vum Teenager bis bei den alen Hues! Well nëmmen zesumme gi mir all den Erausfuerderunge meeschter, a schaffen zesummen eisen DAUL, deen eise Visiounen entsprécht!

Eng Umeldung ass net erfuerdert. Wann Dir deen Owend verhënnert sidd, kënnt Dir eis gären är Iddie bis den 17.2 per Mail (klima@klima.lu) oder Post (Klimapakt 43, Grand-Rue L-8510 Redange) zoukomme loossen.

**Mir freeën eis op är Bedeelegung an op eng flott Zesummenaarbecht.**
**Äre Schäffen- a Gemengerot**

**Marc Gergen**
Buergermeeschter

**René Zigrand**
Schäffen

**Marc Groben**
Schäffen

**Mareike Bönigk**
Conseiller

**Franz Hilger**
Conseiller

**Michel Loes**
Conseiller

**Fernand Muller**
Conseiller

**Marc Rehlinger**
Conseiller

**Tom Schaus**
Conseiller

KlimaPakt
meng Gemeng engagéiert sech

energie atelier

preizerdaul.lu